N°1848
Entrée le 25.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 1848 vum 28. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

D'Gesetz vum 5. Juli 2016 iwwert d'Reorganisatioun vum Service de renseignement de l'État (SRE) gesäit vir datt d'Membere vun der Direktioun mussen Titulaire vun enger Clearance um Niveau „Très secret" sinn an d'Fonctionnairen an Employéen déi beim SRE schaffen eng Clearance um Niveau „Secret" hunn. Aus den travaux parlementaires vum Gesetzesprojet N° 6675, der Basis vum Gesetz vum SRE vun 2016, geet ervir, datt d'Auteuren hei wollten e Minimum fixéieren a kee Maximum fir den Niveau vu Clearancen, deen SRE-Agente bréichte fir rekrutéiert ze ginn.

Säit 2016 haten déi vum Ministère fir d'Fonction publique ëffentlech ausgeschriwwe Poste fir Agent beim SRE ze ginn als condition d'admission eng Clearance vum Niveau „Très secret".

D'Postenausschreiwunge vu virun 2016 goufen net systematesch archivéiert, sou datt sech keng fiabel Statistiken doriwwer erstelle loossen.

Weider Détailer iwwert déi personell Ressource vum SRE kënnen aus sécherheetsrelevante Grënn net publizéiert ginn.

Wéi schon am Kader vun Äntwerten op parlamentaresch Froen an am Kader vun der Äntwert op eng question élargie, déi den 30. Januar 2024 an der Chamber debattéiert gouf, confirméiert d'Regierung, datt d'Sécherheetsiwwerpréifunge fir Clearancen souwuel dem nationale gesetzleche Kader vun 2004 wéi och den applikabelen Norme vun der Europäescher Unioun an der NATO entspriechen.

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN